# POINT PRESSE

6 FÉVRIER 2020

déi gréng

# ANNONCE IMPORTANTE
# CONCERNANT L'ORGANISATION DU PARTI

Léif gréng Kolleginnen a Kollegen,

Zanter méi wéi engem Joerzéngt engagéieren ech mech mat all menger Kraaft fir eis Partei: lokal, regional, national an europäesch. Ech hat d' Chance, déi gréng an hirer enormer Entwécklung ze begleeden a wichteg Kapitele vun eiser grénger Success-Story matzeschreiwen. Zesummen hu mer Lëtzebuerg méi ökologesch, méi oppen, méi zukunftsfäeg a méi gréng gemaach. Ech stoung och um Dill, wann et net esou ronn gedréint huet, a politesch schwierege Momenter an a Situatioune vun Trauer a Kris.

Wat mech an all deene Joren enorm beandrockt huet, dat sinn déi vill Leit an eiser grénger Famill, déi sech ferm fir d' Saach engagéieren. An zu deem Engagement gehéiert och, d' Intérête vun der Partei a vun der Saach iwwer säin eegenen Ego ze stellen.

Ech hunn de leschte Méinde mäi 60. Geburtsdag gefeiert. Esou en Datum ass eng gutt Geleeënheet fir no hannen an no vir ze kucken, berufflech a privat; de Point ze maachen, wat een alles erreecht huet a wéi ee säi weidert Liewe gestalte wëll.

Gëschter hunn ech eisem Parteivirstand CEX matgedeelt, datt ech um Kongress vum 14. Mäerz 2020 mäi Mandat als Co-President vun eiser Partei zur Verfügung stellen.
Ech droe mech schonn en halleft Joer mat där Entscheedung, déi fir mech emotional net einfach ass, an déi mat menger Co-Präsidentin, mat eiser Fraktiounscheffin a mat eise Regierungmemberen ofgeschwat ass.

Ech maache Plaz, fir den Erneierungsprozess, deen an eiser Partei gutt ënnerwee ass, och un der Parteispëtzt weiderzedreiwen. Talenter motivéieren, förderen, forméieren an a Verantwortung bréngen, dat maache mir jo op allen Niveaue vun der Partei. Meng jonk Kollegin Djuna Bernard huet sech gutt ageschafft, an ech wär frou, wann de Kongress vum 14. Mäerz sech och e genee sou energeschen an inspiréierende männleche Co-President kéint ginn.

Ech gi mäi Mandat als President weider zu engem gënschtege Moment. Et ass nach laang bis déi nääschst Wahlen, mee den internen Opbau muss – besonnesch am Bezierk Süden – mat fräschem Schwong a neien Iddien a Gang kommen. Ech hunn dem CEX och gesot, datt ech der Meenung sinn, datt mir d' Professionaliséierung un der Spëtzt vun eiser Partei weiderdreiwe sollten. Ech ginn zu engem Zäitpunkt, wou mir d' Kris, déi eis am September 2019 geréselt hat, iwwerwonnen hunn; ech gesinn dëst um Zoulaf vu Memberen, un den Ëmfroen an virun allem un der gudder Stëmmung, dem staarken Zesummenhalt an um Engagement innerhalb vun eiser Partei.

Och wann ech an Zukunft méi lues trëppelen, bleiwen ech eiser gemeinsamer gréngen Cause enk verbonnen. Sou bleiwen ech weiderhin an der gréngen Delegatioun, déi interfraktionell d' Steierreform verhandelt, an ech hunn ewell e Mandat am interne Kontrollorgan vun der European Green Party EGP. A wann Hëllef, Rot oder Ënnerstëtzung gebrauch gëtt: ech sinn net wäit fort.

E grousse Merci fir déi wonnerbar siwe Joer an deenen ech konnt als Äre President mathëllefen, eist Land méi modern, méi gerecht, méi nohalteg a virun allem politesch méi gréng ze maachen.

Christian Kmiotek, President déi gréng

Chères et chers collègues de déi gréng,

Depuis plus d'une décennie, je m'engage avec toutes mes forces pour notre parti : au niveau local, régional, national et européen. J'ai eu la chance d'accompagner déi gréng lors de leur développement fulgurant et de corédiger d'importants chapitres de notre histoire à succès verte. Ensemble nous avons façonné un Luxembourg plus écologique, plus ouvert, plus moderne et plus vert. J'étais également présent lorsque la machine ne tournait pas rond, lors des moments politiquement difficiles et lors des moments de deuil et de crise.

Ce qui m'a énormément impressionné durant toutes ces années, c'est le nombre de personnes de notre famille verte qui s'engagent à fond pour la cause. Ce qui fait partie de cet engagement, c'est le fait de placer les intérêts du parti et de la cause au-dessus de leur propre ego.

Lundi passé, j'ai fêté mon 60$^{ième}$ anniversaire. Une telle date est propice aux réflexions portant sur le passé et le futur, au niveau professionnel et privé ; à faire le point sur ce qu'on a pu atteindre et comment on envisage sa vie future.

Hier, j'ai informé notre comité exécutif CEX que lors du congrès du 14 mars 2020 je mets à disposition mon mandat de co-président de notre parti.
Cela fait six mois que je soupèse cette décision qui n'est pas simple pour moi sur le plan émotionnel et qui a été coordonnée avec ma co-présidente, la présidente de notre fraction parlementaire et nos membres au gouvernement.

Je cède ma place afin de pousser plus loin encore le renouveau déjà bien réel au sein de notre parti, également à la tête du parti. Motiver, soutenir, former de nouveaux talents et les faire accéder aux responsabilités, c'est ce que nous mettons en œuvre à tous les niveaux du parti. Ma jeune collègue Djuna Bernard a bien pris ses marques et je souhaite que le congrès du 14 mars puisse se donner un co-président masculin aussi plein d'énergie et d'inspiration qu'elle.

Je transmets mon mandat de président à un moment propice. Les prochaines élections sont encore loin, mais la consolidation interne – plus particulièrement dans la circonscription Sud – devra s'accélérer avec plein d'élan et des idées nouvelles. J'ai suggéré au CEX de continuer sur la voie de la professionnalisation à la tête de notre parti. Je pars à un moment où nous avons surmonté la crise qui nous avait secoué en septembre 2019 ; j'en prends pour témoin l'afflux de membres, les sondages, mais surtout la bonne entente, la forte cohésion et l'engagement au sein de notre parti.

Même si je serai moins visible à l'avenir, je resterai étroitement lié à notre cause verte commune. Ainsi, je continuerai à faire partie de la délégation verte qui négocie la réforme fiscale au sein de la coalition et je détiens désormais un mandat au sein de l'organe de contrôle interne du European Green Party EGP. Et s'il devait y avoir un besoin d'aide, de conseil ou de soutien : je ne suis pas loin.

Un grand Merci pour les sept fantastiques années durant lesquelles j'ai pu, en tant que votre président, contribuer à rendre notre pays plus moderne, plus juste, plus durable et surtout politiquement plus vert.

Christian Kmiotek, président déi gréng